N° 7399
Entrée le 20.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.12.2022

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 20. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den Här Ekonomieminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

D'EU-Parlament gëtt aktuell vun engem wäitreechende politesche Skandal erfaasst. Déi belsch Autoritéiten enquêtéiere géint féierend Memberen bis eran an d'Presidence, well dës ënnert dem Verdacht stinn, am grousse Stil Bestiechungsgelder vum Emirat Katar ugeholl ze hunn. D'Verhandlungen iwwert eng Visaliberaliséierung fir den arabesche Golfstaat goufe mëttlerweil op Äis geluecht. Den Emirat Katar, mat deem Lëtzebuerg notamment am Beräich vun der Loftfaart eng privilegéiert Handelspartnerschaft ënnerhält, huet doriwwer raus iwwert d'"Open Skies"-Konventioun e relativ liberalen Zougang zum EU-Loftfaartmarché, ëmgekéiert gëllt dat nämmlecht fir EU-Loftfaartgesellschaften, déi am Katar operéieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi wäit Lëtzebuerger Interessen duerch dee genannte Skandal am EU-Parlament riskéieren ënner Drock ze geroden, besonnesch och op hei potenziell geschäftlech Risike am Hibléck op d'Exploitatioun vum Findel wéi och fir d'Cargolux an d'Luxair am Raum stinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten